# FRÄIE MIKRO – BOB REUTER

DIFFUSIOUNSDATUM: 10/03/2026

## KRICH AM IRAN: TËSCHENT SUERGEN A HOFFNUNG

### USO (MAX. 400 ZEECHEN)

Israel an d'USA bombardéieren den Iran. Am Fräie Mikro vun Haut erkläert de Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg, firwat hien als Humanist dës Gewalt evidenterweis net guttheesche kann – mee d'Hoffnung op Fräiheet fir d'iranescht Vollek no 47 Joer Theokratie trotzdeem deelt.

### TEXT (388 WIERDER – MAX 2:30)

Zënter e puer Deeg bombardéieren Israel an d'USA den Iran. De Regime-Chef Khamenei gouf gezielt ëmbruecht. Exil-Iraner feieren, am Iran selwer sollen och Leit op d'Strooss gaange sinn. Mee wéi solle mir als Humanisten op dëse Krich reagéieren?

De Michael Bauer, Virstand vun der *Humanistische Vereinigung* an e laangjärege Frënd, huet eng Erklärung veröffentlecht, déi wuel vill Humanisten direkt ënnerschreiwe géifen: Hie gesäit de Krich mat grousser Suerg. Wann awer reliéise Fanatismus, Folter a Mord am Iran domat ophalen, da begréisst hien dat. Hie rifft dozou op, d'Kampfhandlunge séier ze stoppen, an dréckt säi Matgefill fir d'Affer op béide Säiten aus. Suergen a Hoffnung gläichzäiteg.

De Philosoph Michael Schmidt-Salomon, Matgrënner vun der *Giordano-Bruno-Stiftung* an en alen Frënd a Begleeder vun AHA Lëtzebuerg, geet an engem Interview mam *Humanistischen Pressedienst* e Stéck méi wäit. Hie warnt virun engem einfach gestrécktem Schwaarz-Wäiss-Denken a wëllt verschidden Aspekter géinteneen ofweien: Jo, d'Bombardementer si sécher géint

d’Vëlkerrecht. Jo, Onschëlleger stierwen. An dat stëmmt hien traureg. Mee d’iranescht Vollék lieft zënter 47 Joer ënner enger mënscheveruechtender Theokratie. D’Widderstands-Beweegungen, 2009, 2022, Ufank 2026, goufe brutal ënnerdréckt. Dat war kee Fridden – dat war permanente Krich géint déi eege Bevëlkerung. De Schmidt-Salomon zitéiert de Willy Brandt, deen 1971 gesot huet, Fridde géif Fräiheet a Gerechtegkeet verlaangen. Heiansdo, seet hien, kënne Politiker aus falsche Grënn dat Richtegt maachen – och wann den Trump an de Netanjahu bis elo nu wierklech net als grouss Humanisten opgefall sinn an hier Motiver fir dëse Krich alles anescht wéi luewenswäert sinn.

Zwou humanistesch Stëmmen, zwou Nuancen – mee kee Widdersproch. Béid weigeren sech, sech et einfach ze maachen. A genee dat ass et, wat mir als Humanisten an dëser Debatt bäidroe kënnen: De Courage, komplex Froen net ze vereinfachen. Empathie mat deenen, déi ënner dem Regime gelidden hunn – an zäitgläich mat deenen, déi elo ënner de Bomme leiden, op béide Säiten. Awer och d’Luciditéit behale fir ze gesinn, datt probéiert gëtt dee Krich géint den Iran op ganz komesch Aart a Weisen ze legitiméieren, zum Deel och mat Referenz op abstrus reliéis Narrativer op der Säit vun den Amerikaner. Ech maache mer och keng grouss Illusiounen, datt mat dem Krich am Iran wierklech ee Prozess a Richtung Demokratie a Rechtsstat ugestouss gëtt.

Tëschent naivem Pazifismus a brutalem Militarismus gëtt et e Raum fir humanistescht Denken. Deen ass onbequeem. Mee genee do gehéiere mir hin.

https://www.humanistische-vereinigung.de/nachricht/zwischen-sorge-und-hoffnung-erklaerung-zum-iran-krieg.html

https://hpd.de/artikel/friede-mehr-abwesenheit-krieg-23843